ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi op enger Rei, an de Medie veröffentleche Fotoen ze gesi war, war notamment den Iechternacher Lycée vun de rezenten Iwwerschwemmunge staark betraff, mee och eng Rei aner Lycéeën, zum Beispill den Ermesinde an de geplangten EIMAB zu Miersch leien no laanscht Fléss. Bekanntlech war och d'Uertschaft Miersch selwer staark vun den Iwwerschwemmunge betraff.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär des Froe stellen:

1) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng eenzel Lycéeë vum Héichwaasser betraff sinn?
2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich de Montant vun deenen entstanene Schied insgesamt ass, a wéi se sech no deenen eenzele Lycéeën opdeelen?
3) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng spezialiséiert Fachinfrastrukturen (Biologie, Chimie, Physik, Konscht...) an deenen eenzele Lycéeë besonnesch betraff sinn? Ass scho bekannt, ob d'Héichwaasserschied sech no der Rentrée negativ op de Fonctionnement vun deenen eenzele Lycéeë kéint auswierken?
4) Huet d'Héichwaasser d'Bibliothéike vun eenzele Lycéeë betraff?
5) Goufe bei der Iwwerschwemmung Déngschtgefierer vun deenen eenzele Lycéeë beschiedegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten